



**ACEL**

de Studentevertrieder

Lëtzebuerg, den 29. Abrëll 2015

## **Presentatioun vun de Resultater vun der Ëmfro zu der finanzieller Situatioun vun den Studenten**

Säit Juli 2014 ass dat neit Gesetz vun de Studiebäihëllefen a Kraaft. An den Diskussiounen déi an deene Méint virdrun mam Ministère gefouert gi sinn war eng vun den Haaptfuerderungen vun der ACEL eng Ëmfro zu der finanzieller Situatioun vun de Studenten ze maachen, fir sou d'Gesetz besser un déi real Ëmstänn upassen ze kënnen. Haut de Moien sinn am Kader vun enger Pressekonferenz dës Resultater virgestallt ginn, an d'ACEL hält dozou Positioun.

Mir kënnen feststellen dass d'Unzuel un Studenten déi d'Ëmfro geschéckt kruten an ausgefëllt huet immens héich ass. Vun 12000 Formularen déi verschéckt gi sinn, sinn 2839 Äntwerten era komm an mat an d'Ëmfro gefloss. Mir wëllen hei ausdrécklech all de Studenten déi matgemaach hunn Merci soen. D'ACEL zesumme mat sengen iwwer 40 Cercle huet dofir an deene läschte Wochen d'Studenten iwwert dës Ëmfro informéiert an ënnerstrach wéi wichteg dës Ëmfro ass. Nëmme esou war et méiglech genuch Äntwerten ze kréien fir belaauschtbaart Material ze hunn.

Dës Bedeelegung weist dass d'Thema vun der Finanzéierung vun hiren Studien, den Studenten ganz wichteg ass. Si wëllen och hiren Deel dozou bäi droen fir en Bourse System ze kréien deen den Realitéiten ugepasst ass.

Mir hunn d'Donnéen vun TNS ILRES sou wéi och d'Auswäertung dovunner kritt an wäerten dës an der nächster Zäit kritesch analyséieren an do wou et néideg ass eis eegen Schlëss zéien. Dëst wäert och an Zesummenaarbecht mat eise Cercle geschéien. Engersäits op eisen reegelméissegen Versammlungen « ACEL meets Presi », wou d'Comitéen vun de Cercle zesumme kommen, an awer och op der REEL zu Tréier wou iwwert dëst Thema geschwat wäert ginn. Wann gewëssen Auswäertungen am Dossier vun TNS ILRES eiser Meenung no feelen, wäerten mir dës un de Ministère weider ginn. Eis ass vun Säiten vum Ministère versprach ginn dass TNS ILRES op Basis vun eisen Remarquen déi Auswäertungen déi feelen wäert norechen. Op Basis vun der aktueller Analyse vun TNS ILRES sou wéi och vun eisen eegenen Conclusiounen an zousätzlechen Analysen wäerten mir dann zum aktuelle Gesetz vun der Aide financière Stellung huelen.



Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois

BP 63 | L-7201 Bereldange  
87, route de Thionville | L-2611 Luxembourg

contact@acel.lu | www.acel.lu  
+352 691 420 538 / 539 / 540

BCEE LU56 0019 2100 0834 4000  
CCPL LU94 1111 0915 5887 0000

RCS Luxembourg F969



**SPUERKEESS**

Een Punkt wëllen mir awer schonn aus de Resultater vun der Ëmfro konkret eraus huelen. D'Informatioun vun de Schüler, fir decidéieren ze kënnen wou a wat si wäerten studéieren goen ass nach ausbaufähig, an hei muss nach weider dofir gesuergt ginn dass d'Schüler méi Informatiounen mat op de Wee kréien.

Hei muss een d'Wichtigkeet vun der Foire de l'Etudiant ënnersträichen, déi vill Froen vun de Schüler beäntwere kann. Et ass also wichtig dass hei net un der Gréisst an der Qualitéit vun der Foire gespuert gëtt. Mir sinn am Kontakt mam Ministère fir en neit Konzept fir d'Foire de l'Etudiant auszeschaffen wat besser op d'Besoinen vun de Schüler zougeschnidden ass, an hinnen de Start an d'Unislerwen nach méi einfach wäert maachen.

D'ACEL, zesummen mat sengen Memberscerclen, huet an deenen läschte Joeren vill Aktiounen ënnerholl fir d'Informatioun vun de Schüler ze verbesseren an wäert dëst an Zukunft och nach ausbauen.

Heizou gehéieren :

- D'Aktioun Student fir 1 Dag, wou mir mat de Schüler an d'Studentestied ronderëm Lëtzebuerg fueren fir dass si do vun eisen Cerclen sur place d'Liewen vum Unisstudent virgestallt kënnen kréien. Dëst Joer hunn heirunner eng 120 Schüler deelgeholl an sinn an 8 Stied gefuer.
- Eisen « Guide du Futur Etudiant », wou mir all d'Informatiounen ronderëm de Studium zu Lëtzebuerg an am Ausland zesumme faassen an de Schüler zur Verfügung stellen. Dësen kann een bei eis ufroen, kritt een op der Foire, dem CEDIES an an verschiddenen Lycéeën.
- D'Foire de l'Etudiant wou d'ACEL dëst Joer zesumme mat 31 Cerclen den Schüler hier Froen zum Studium beäntwert huet.
- D'Studieninfoen an de Schoulen, wou d'ACEL an d'Lycéeën geet an do de Schüler vun hire Méiglechkeeten am Studium erzielt. Dëst Schouljoer war d'ACEL op 10 Studieninfoen dobäi.

**Contact:**

Laurent Cattarinussi  
Vice-Président Représentation  
+ 352 661 420 542